# Home : Stroum a Liicht

Op Stroum verzichte kann eng sënnvoll momentan Experienz sinn. **Stroum gehéiert ower zenter bal zweehonnert Joër zu der Kathegorie „needed“, an dat ëmmer méi vu „ponktuell“ op „permanent“, wann och ëmmer méi doséiert ewei fréier.** An aisem Environnement gin et ëmmer méi Apparater an Equipementer di Stroum brauche fir ze fonktionnéiere. Dat a Fro stelle ass e fromme Wonsch. D’Stroumquell kann natiirlech jee no Fournisseur méi oder manner ëkologesch sinn. Egal wéi een sech dréint a kéiert, Stroum am Home ass demno „needed“.

Et gin ower eng jet **Méiglechkeete fir Stroum ze spuere:**

- Apparater op d’manst op Stand by/en veilleuse / Schlummerbetrib schalte oder se am bäschte ganz ausschalte wann se net gebraucht ginn;

- Equipementer lues a lues ersetze mat Haushaltsgeräter di manner Stroum verbrauche;

- Electromenager’s, respektiv Haushalts-Apparater an engem Scoutschalet esou vill wi néideg an esoumann wi méiglech;

- Beliichtunge mat Leuchtmëttel équipéire di mat emmer manner Stroum bei glaicher Hellegkeet auskomme; sech iwwerléee wou et nuets sënnvoll ass eng Beliichtung ze hun (Secherheet kinnt z.B. e Grond heifir sinn…) a wou net;

- Photovoltaik ass eng zousätzlech Energiequell, dselwecht wi Wand- a Waasserenergie an zielt zu den ernéierbare Energie déi een bei de verschiddene Stroumliferante akafe kann;

- Versuergungssecherheet versus Stroumdisponibilitéit: sensibiliséiere, datt nët all elektronesche Gadget an Apparat glaichzäiteg muss ugeschloss sinn, eng elektronesch Photowand verbraucht zwar net vill, mee d’Masse vun ville klénge Geräter verbrauche ower och genuch Stroum;

- bei Reglungstechnik am Scoutshome zielt och esouvill wi néideg an esou man wi méiglech: Sensorstechnik ass ufälleg, verlaangt vill Entretien an meeschtens den Asatz vu Spezialiste.

Beim **Akafe vu Stroum** ginn et zenter laangem keng Monopolstellunge méi, mee et kann een dee Stroum akafe deen ee wëllt, vun klassesch-konventionnel bis alternativ fënnt een entretemps um Maart vill Offeren vun klasseschem Stroummix bis hin zu „Gréngem Stroum“ deen aus ernéierbare Energiequelle produzéiert get, woubäi e klassesche Stroummix nët zwangsleefeg onekologesch ass.

**Fir keen onnéidegen Offal ze maache, soll een wa méiglech op Batterie zugonschte vun Akku’e verzichte.** Eng **Contributioun fir enger besser Loftqualitéit kann och d’Ariichte vun enger Opluedstatioun fir Elektrogefiirer** sinn op Basis vun enger Versuergung mat Gréngem Stroum.

Stroummiesser op Geräter an a verschiddene Deeler vum Home hellefe och duurch den direkte Verglach Stroum anzespuere an kinnten e flotten Challenge sinn: ee Versammlungsraum mat engem aner verglaiche, eng CaraPiosbud aus dem Gudland mat enger aus dem Eisléck…., ee Joër iwwert dat anert…de Verbrauch vun enger Branche an hirem Sall mat dem Stroumverbrauch vun enger anerer Branche an daer hirem Sall ze vergleiche an den insgesamte Verbrauch vum Grupp an hirem Home iwwert d’Joëre nozekucke, ze moosse an ze verbessere.

> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu

*Home : Stroum a Liicht, Editioun vum 18. September 2021*